

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

1. 5962 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Croatie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008
et
5963 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Albanie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
 - Discussion générale: M. Charles Goerens, M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration (qui répond à M. Charles Goerens)
 - Votes sur l'ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel
2. 5961 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République portugaise concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 22 février 2008
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel
 - M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. 5837 - Projet de loi relatif aux procédures européennes d'injonction de payer et de règlement des petits litiges et ayant pour objet de compléter et de modifier:
 - le Nouveau Code de procédure civile,
 - le Code civil,
 - la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,
 - la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat
 - Rapport de la Commission juridique: M. Patrick Santer
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
4. 5860 - Projet de loi relatif à la traite des êtres humains,
(1) portant approbation: (a) du Protocole additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée visant à prévenir, réprimer et punir la traite des personnes, en particulier des femmes et des enfants, ouvert à la signature du 12 au 15 décembre 2000 à Palerme, et (b) de la Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains, signée à Varsovie, le 16 mai 2005;
(2) modifiant le Code pénal; et
(3) modifiant le Code d'instruction criminelle
 - Rapport de la Commission juridique: Mme Christine Doerner
 - Discussion générale: Mme Colette Flesch, Mme Lydie Err, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice (qui répond à Mme Colette Flesch)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 5555 - Projet de loi transposant la directive 92/75/CEE du Conseil du 22 septembre 1992 concernant l'indication de la consommation des appareils domestiques en énergie et en autres sources par voie d'étiquetage et d'information uniformes aux produits
 - Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. John Castegnaro (en remplacement de M. Alex Bodry)
 - Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger, M. Jacques-Yves Henckes
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
6. 5684 - Projet de loi relative à la compatibilité électromagnétique
 - Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. John Castegnaro (en remplacement de M. Alex Bodry)
 - Discussion générale: M. Eugène Berger, Mme Françoise Hetto-Gaasch
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
7. 5989 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2006
 - Rapport de la Commission des Comptes: M. Camille Gira (dépose une résolution)
 - Vote sur la résolution (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden et Jeannot Krecké, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech wichteg Matdeelungen ze maachen?

» M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur.- Neen, Här President.

» M. le Président.- Dann huele mer dat zur Kenntnis. Mir kommen dann zum Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Déi éischt Projeten, déi mer evakuéieren, dat sinn d'Bäitrëtter vu Kroatien an Albanien an d'NATO. Déi zwee Projete behandle mer an enger Diskussioun. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Texter. Et ass den honorabelen Här Marc Angel vun der sozialistescher Fraktioun. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

1. 5962 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République de Croatie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

5963 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession de la République d'Albanie, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2008

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet wéi gesot bei dësen zwee Projeten ëm de Bäitrëtt vu Kroatien a vun Albanien an d'NATO. Ech wollt lech e puer Wuert zur NATO-Erweiderung soen. Dir wësst, dass bei der NATO de Prinzip vun der Ouverture e fundamentaalt Element ass aus dem Traité vu Washington, dem Grënnungstraité vun der NATO. Säin Artikel 10 seet, ech zitëieren deen: «Les parties peuvent, par accord unanime, inviter à accéder au traité tout autre État européen susceptible de favoriser le développement des principes du présent traité et de contribuer à la sécurité de la région de l'Atlantique Nord. Tout État ainsi invité peut devenir partie au traité.» Voilà.

Um Sommet vu Bukarest 2008 hunn d'NATO-Memberstaten dës zwee Länner och invitéiert, fir Member ze ginn. Dëst ass elo déi sechste Kéier, wou d'Zuel vun den NATO-Memberlänner méi grouss gëtt. No der Grënnung vun 1949 ass se déi éischte Kéier erweidert ginn 1952, wou Griichenland an d'Türkei bäigetratt sinn; 1955 d'Bundesrepublik Däitschland; 1982 Spuenien; 1999 déi Tschechesch Republik, Ungarn, Polen; an 2004 Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, Slowenien an d'Slowakei. Mir sinn also elo zu 26 an der NATO, a wann Albanien a Kroatien Member sinn, da si mer zu 28.

D'NATO-Erweiderung vun Albanien a Kroatien schreift sech an eng Stabiliséierungspolitik um Balkan an. D'Perspektiv vun engem NATO-Bäitrëtt an de Wëlle vun de Kandidatelänner, sech der Euroatlantischer Communautéit unzeschleissen, hunn et dës Länner erlaabt, hir demokratesch, politesch, ekonomesch an och militäresch Reformen ze accélérieren an och ze konsolidéieren.

Et ass vläicht och nach wichteg ze erwähnen, dass dës Länner och derfir musse suergen, dass den Traitement vun hire Minoritéiten den Direktive vun der OSCE ugepasst ass.

Säit 1999, nom NATO-Sommet vu Washington, gëtt et och dee sougenannte MAP. MAP steet fir „membership action plan“. Dat ass e Programm vu Berodung wat Assistance technique ugeet, mam Objektiv, d'Kandidatelänner op eng eventuell Adhésioun virzebereeden. Et ass dëst awer keng einfach Oplëschung vu Bedéngungen, déi ze erfëlle sinn, mä et ass e Prozess, fir dass d'Länner hir Ziler, déi si am Plang hunn, kënnen erreechen. Sou e MAP gesäit och kee fixen Délai fir de Lancement vun de Pourparleren, wat d'Adhésioun ubelaangt, vir an de MAP ass och keng Garantie fir eng Adhésioun.

Éier e Land awer invitéiert gëtt fir esou e MAP, esou en „membership action plan“ ze maachen, gëtt et nach eng ganz Rëtsch aner Relationen a Programmer, déi d'NATO offréiert, wéi zum Beispill den „partnership for peace“, wou d'Länner op hir Interopéabilitéit an hiert Wëssen iwwert d'NATO léieren an och hiert Wëssen iwwert d'NATO verbessert gëtt. Am MAP kënn et dann zu de regelrechte Reforme vun den Arméien, zum Renouveau vun hiren Equipementen an och zu der Adaptatioun vun den Doctrinën vun hiren Arméien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Albanien a Kroatien wëlle sech an déi europäesch an euroatlantesch Strukturen integréieren, well si dodran eng Garantie gesi fir Sécherheet, Stabilitéit a Prosperitéit. Och wann de Rhythmus vum Adhésiounsprozess an d'EU an deen an d'NATO net ëmmer deen nämlechen ass, esou gëtt et awer eng Rëtsch Gemeinsamkeiten: Bëid favoriséieren eben d'Ëmsetze vun deene wichtige Reformen um politeschen, wirtschaftlechen an um Sécherheetsplang.

No senger Adhésioun an d'NATO wäert Albanien och weidermaache beim ASA, dat ass den Accord de stabilisation et d'association mat der Europäescher Unioun, deen et säit 2006 gëtt. Kroatien huet säit 2007 bei der Europäescher Unioun schonn de Statut vum Pays candidat a befënn sech am Fong an der Endphas vun de Bäitrëttsverhandlung mat der EU. Bei deene Verhandlungen ass jo kierzlech och nach dee Problem opgetaucht mat der Bucht vu Piran a Slowenien, wou Slowenien e Problem huet mat Kroatien. Wat elo d'NATO-Adhésioun ubelaangt, ass dat awer kee Problem, well d'slowenescht Parlament huet den 9. Februar den NATO-Bäitrëtt vu Kroatien och schonns ratifizéiert.

Erlaabt mer e puer Informatiounen iwwert déi zwee Länner. Albanien ass e Land vun 29.000 km², et huet 3,2 Milliounen Awunner. Ech mengen, Dir kennt och all déi Geschicht, déi Albanien hat vum Zweete Weltkrich bis zum Regimewiessel. Dat war mengen ech deen harschsten, schlëmmsten a strammste kommunistesche Regime, deen Europa jee kannt huet. Säit 1992, säit dem Regimewiessel, war am Fong déi euroatlantesch Integratioun eng Prioritéit vun der Aussepolitik vun deem Land. Säit 1992 ass Albanien Member am Conseil de coopération vun der NATO, dee jo säit 1997 anescht ers heescht an elo de Conseil de partenariat euroatlantique ass.

Wichteg ass vläicht ze ënnersträichen, dass 1996 Albanien och Truppe geliwwert huet fir der NATO hir Stabiliséierungsfuerce SFOR a Bosnien-Herzegowina, an et war virun allem während der Allianz hiren Operatiounen am Kosovo, wou Albanien der NATO eng enorm logistesche Hëllef geleescht huet. Haut ass Albanien mat 140 Zaldoten an den ISAF-Truppen an Afghanistan präsent.

D'Preparatioun vun Albanien fir dës NATO-Bäitrëtt war wierklech e laange Prozess. Nieft de Reformen an der Défense an am Sécherheetssektor hu se missen eng ganz Rëtsch vun demokrateschen Norme respektéieren. Si si virgaange géint d'Korruptioun an och d'organiséiert Kriminalitéit. Si hunn hir Justiz reorganiséiert a si hu missen hir...

(Coups de cloche de la Présidence)

...öffentlech Verwaltung verbessert.

Wat interessant ass, ass, dass um militäreschen Plang 1994 do 100.000 Leit an där Arméi waren, an déi ass elo erofgaangen duerch déi Reformen, déi d'NATO mat Albanien gemaach huet, op 13.900 Zaldoten haut, mam Objektiv, 2010 op 12.000 Zaldoten ze kommen. Et ass also eng Restructuration en profondeur, wat fir dat Land bestëmmt net einfach ass. Déi albanesch Arméi ass och elo doduerch vill méi mobil ginn an och vill besser ausgebild. Parallell huet se hiert Equipement renouvéiert, an 2% vum PIB vun Albanien ginn an d'Défense. Wichteg war och, dass déi ganz Transformatioun vun där Arméi sech konzentréiert huet op d'Interopéabilitéit mat der NATO.

Vläicht nach eng Remarque: Albanien huet e gudder Ruff, wat seng Aussepolitik och an der Region ugeet. Dir wësst, d'Nopere si Mazedonien an de Kosovo, an all déi Gerüchter, wou oft gesot ginn ass, Albanien

dreemt vun engem Groussalbanien, dat hu si ëmmer dementéiert an do ass och näischt drun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Kroatien ass net déi éischt fréier jugoslawesch Republik, déi der NATO bäitritt. 2004 wéi gesot war et scho Slowenien. Ech mengen, d'Adhésioun vu Kroatien huet awer eng staark symbolesch Dimensioun an deem Sënn, dass an deem Land nach vun 1991 bis 1995 e schreckleche Krich war an dass déi konnten hir Arméi esou schnell reforméieren an elo Member vun der NATO ginn, dat ass eng symbolesch Dimensioun a mengen Aen.

Kroatien ass 57.000 km² grouss an et huet 4,4 Milliounen Awunner. Kroatien ass eréischt am Joer 2000 dem Partenariat euroatlantique bäigetritt an och dem Programm „partnership for peace“ an huet eréischt säit 2002 en „membership action plan“.

D'Relatiounen tëschent Kroatien mat der NATO an der EU hu sech awer ëmmer un der Fro vun der kroatescher Kooperatioun mam Internationalen Tribunal pénal fir Exjugoslawien gestouss. An ech mengen, d'Verhaftung am Dezember 2005 vum fréiere General Ante Gotovina, dee vun deem Tribunal jo inculpéiert war, huet dëse wichtegen Obstacle opgehewen, wat de Rapprochement tëschent Kroatien mat der NATO an der EU ugeet.

D'Fro vun de Minoritéiten an de Retour vu Krichsréflugiéierten ass och vun der EU a vun den NATO-Autoritéiten opmierksam suivéiert ginn. Déi vill Reformen, déi Kroatien duerchgefouert huet am Hibleck op eng EU-Adhésioun, hunn ebenfalls eng positiv Influenz op seng NATO-Kandidatur gehat. Och Zagreb ass bemeit an der Aussepolitik sech fir eng regional Stabilitéit anzusetzen an huet och an der leschter Zäit seng Relatiounen mat Belgrad, also mat Serbien verbessert.

D'kroatesch Arméi, wat eng relativ rezent Arméi ass, déi sech eréischt 1991, nom Zerfall vu Jugoslawien gebilt huet, war ufanks och ganz wäit entfernt, wat hir Organisatioun a Vociatioun ugeet, vun der Konzeptioun vun enger Arméi esou wéi d'NATO an esou wéi mir dat gesinn. Och Kroatien huet sech entscheet, resolut seng Arméi ze reforméieren. Och si si vun 100.000 Leit 1994 elo am Joer 2008 op 17.500 Leit erfogaangen. An ab dem Joer 2010 solle si och nëmmen nach professionell Militären hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a sengem Avis vum 3. Februar dëst Joer rappeliéiert de Statsrot nach eng Kéier de politesche Kontext vun der NATO-Erweiderung an e retracéiert och déi Haapt-etappe vum Adhésiounsprozess vun Albanien a vu Kroatien. De Statsrot formuléiert keng Observatioun a recommandéiert d'Adoptioun vun dësen zwee Projeten.

Ech wollt mer nach eng Remarque erlaben. Mir hätten haut vläicht iwwer dräi Länner geschwat, déi bäigetritt wären, an dat ass déi fréier jugoslawesch Republik vu Mazedonien, déi och en enormen Effort gemaach huet, hir Armée reforméiert huet, hire ganze politeschen, wirtschaftleche System och amgaang ass ze reforméieren. Duerch dee Problem vum Numm, wat awer mengen ech net nëmmen e Problem vum Numm ass, mä wat méi e grouse politesche Problem ass an där Regioun, ass dat haut leider net de Fall. Ech weess och, dass d'UNO amgaang ass do ganz vill Efforten ze maachen, fir ze médiéieren. Et ass vun hei aus, wann een net um Terrain ass, schwéier ze jugéieren, mä ech kann déi zwou Parteien nëmmen opruffen, dee Problem vum Numm esou séier wéi méiglech ze léisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn iwwerzeegt, dass den NATO-Bäitritt vun dësen zwee Länner e wesentleche Bäitrag zur Sécherheet a Stabilitéit an Europa leeschte wäert. D'NATO ass méi wéi e rengt Verdeedegungsbündnis; si ass och eng breet ugeluechten transatlantesch Wäertegemeinschaft, déi op de Prinzipie vun Demokratie, individuell Fräiheet a Rechtsstaatlechkeet berout. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun ginn ech den Accord zu dësen zwee Projeten an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Freet nach een d'Wuert?

Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm de Bäitritt vun zwee Länner an d'NATO. Deem geet jo normalerweis eng laang Geschicht viraus; Rapprochement, déi de Rapporteur och elo ganz détailléiert beschriwwen huet. Ech wollt him och Merci soe fir dee Bericht. Mir wäerten déi Gesetzter do stëmmen.

Ech wëll awer e puer ganz kritesch Bemierkungen an dësem Zesummenhang ubréngen. Et ass versäumt ginn, mengen ech, an de leschte Jore fir d'europäesch Sécherheet méi an de Mëttelpunkt ze réckelen an ze kucken, wat ee misst ënnerehuelen, fir déi Sécherheet am beschten ze gewährleeschten. Mir net eleng fällt op, datt zum Beispill e Rakéitenofwiersystem, deem a Polen installéiert gëtt, net préalablement an der NATO diskutéiert gëtt. Datselwecht gëllt fir déi Radarstatioun, déi an d'Tschechesch Republik installéiert gëtt, déi am Zesummenhang steet mat dem Rakéitenofwiersystem.

D'Europäesch Unioun huet keng Kompetenz doranner, hunn ech och nach eng Kéier bestätegt kritt an enger Question parlementaire, déi ech souwuel hei am Haus gestallt hat wéi och am Kader vun der Assemblée parlementaire vun der Union de l'Europe occidentale. Den Nicolas Sarkozy huet awer als Président en exercice du Conseil viru kuerzem um Sommet Union européenne-Russie doriwwer geschwat. Et schéngt esou ze si wéi wann den Nicolas Sarkozy President ass vum Conseil européen, dann ass et eng Kompetenz; wann een anere President ass vum Conseil européen, da schéngt et keng Kompetenz ze sinn. Ech muss éierlech soen, ech verstinn do net méi d'Kohärenz vun der Europäescher Unioun an hirer Démarche.

D'Europäesch Unioun huet also wahrenscheinlech näischt doranner ze soen. D'NATO huet och näischt doranner ze soen. Jo, da froen ech mech awer, wien à la fin du compte dann iwwer sécherheetspolitesch Problemer, déi sech am europäesche Raum stellen, nach schwätzt? Ech mengen, et wier un der Zäit, datt mer, ier mer nach virun un Élargissement denken, emol eng Kéier table rase maachen an iwwer alleguerten déi Saache schwätzen, déi relevant si fir d'europäesch Sécherheet.

Ech gehéieren zu deenen, déi mengen, datt ee misst kënnen Fridden erhalen, Fridde garantéiere mat engem vertriebbaren Asaz u finanziellen a militäreschen Mëttelen. Ech sinn och der Meinung, datt ee muss de Sënn, de Wäert vun all de militäreschen Allianzen iwwerdenken. D'NATO ass präsent an Afghanistan. D'NATO ass op ville Plazen an der Welt präsent. D'Europäesch Unioun ass och op ganz ville Plazen an der Welt präsent, am Kader vun der Politique extérieure de sécurité et de défense commune. Mä wann et ëm esou elementar Saache geet, wéi zum Beispill déi zwee virgenannte Projete vun den Amerikaner op europäeschem Territoire, da si weder d'Europäesch Unioun nach d'NATO zoustänneg fir dat ze tranchéieren. Ech félicitéieren deem, deen et fäerdeg bréngt, fir der Opinion publique do nach kloer Wäin anzuschenken an ze soen, firwat datt am Fong déi Institutionen alleguer gutt sinn.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, dat ass am Fong nach méi eng kritesch Remarque wéi déi éischt. Elo gëtt verlaangt vu Kroatien an Albanien, datt déi 2% vum Produit intérieur brut mussen opbrénge fir hir Sécherheet. Dat ass mengem Ermiessen no deene Länner moralesch vertrieubar net zouzemudden. Wa mer wëssen, wat do en Taux de précarité ass an deene Länner, wat déi Schwieeregkeeten hunn, fir nach ëmmer déi Transitioun aus Économie planifiée an d'Maartwirtschaft ze schafen, wat d'Emstellung vun der ganzer Gouvernance aus deem fréiere System an deen heitege mat sech bréngt, wat déi enorm Besoins de financement am soziale Beräich ubelaangt, wat déi enorm Besoins de financement am Opbau vun den Ekonomien, vum Statswiesen, vun Infrastrukture bedeit, da muss ech wierklech soen, ech fannen et net an der Rei, datt do verlaangt gëtt, datt déi mussen 2% vun hirem nationale Räichtum opbrénge, fir an d'Sécherheetskäften ze investéieren.

Wann et iergendwéi e Sënn mécht a wann d'Solidaritéit keen eidelt Wuert ass, da misst een am Fong kënnen soen, jo, mir organiséieren d'Sécherheet zesummen an déi, déi

net vill kënnen aus eegene Kräfte mobiliséieren, déi missten am Fong vun deenen anere gehollef kréien. Dat géif Sënn maachen. Ech mengen, mir leien ongeféier ënner 0,5% öffentlechen Zouwendunge par rapport zum Produit intérieur brut wat d'Défense ubelaangt. Ech sinn net derfir, datt mer an d'Luucht ginn domadder. Mä ech fannen et net vertrieubar, datt Länner wéi Rumänien, Bulgarien, Albanien, Kroatien, déi Gott weess mat vill Problemer ze dinn hunn, elo mussen dat Véierfacht en valeur relative opbrénge vun deem, wat mir hei maachen. Dat kann net goen.

Dat Lescht: Wa mer wierklech wëlle virukommen an deene Froen, da solle mer eis op der internationaler Agenda nach eng Kéier ëmkucken a kucken, ob et net Zäit wier, datt mer emol erëm eng Kéier géifen den Dossier Ofrüstung opmaachen. D'Europäesch Unioun mat hirer Boîte à outils multiples wier gutt beroden, wa se géif hire Modell méi no bausse verrieden. Mat där Boîte à outils multiples kann een déi meeschte Préoccupatiounen, déi et an der Europäescher Unioun gëtt an och ausserhalb vun der Europäescher Unioun gëtt, redresséieren.

Ech mengen, eng Atlantesch Allianz gëtt net doduerch méi staark, well se ëmmer méi grouss gëtt, mä se gëtt héchstens doduerch vun de Leit akzeptéiert, wa se a sech ëmmer méi kohärent gëtt. Wa mer deem heiten zoustëmmen, ass et, well mer do e Versprechen aléisen, well mer dozou stinn, mä dat wëscht awer beileiwen net déi Bedenken aus der Welt, déi ech elo grad a Form vun e puer kritesche Remarquen am Zesummenhang mat der Diskussioun iwwert dëse Projet de loi formuléiert hunn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Wa soss kee méi d'Wuert freet, schwätzt elo den Här Ausseminister Asselborn.

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mat vill Opmierksamkeet selbstverständlech fir d'éischt de Rapport nogelauschtert an och wat den Här Goerens elo gesot huet. Wat de Rapport ugeet, wëll ech net alles widerhuelen. Ech mengen, den Här Angel huet ganz Recht, wann hie seet, de Balkan-krich ass nach net esou laang ewech a mir hunn deene Länner alleguerten eng europäesch Perspektiv ginn a mir hunn hinnen och eng Perspektiv ginn, fir ebe Member ze gi vun der NATO. Hei ass jo e Schrëtt an déi richteg Richtung.

Mir mussen och wëssen, dass déi zwee Länner Albanien a Kroatien elo wichteg Partner sinn an der Europäescher Unioun an um Balkan och kënnen eng Virreiderroll spillen. Ech wëll och soen, dass mer um Sommet vu Bukarest, wou jo nach een anert Thema zur Diskussioun stoung, wat d'Erweiderung vun der NATO geet, a wou ech och wëll e Wuert driwwer soen, mä, dass mer awer bei deenen zwee Länner hei och gären en drëtt Land derbäigehat hätten, déi fréier Jugoslawesch Republik vu Mazedonien, wat leider net méiglech war, wéi Der wësst, well de Sträit iwwert den Numm - wou den Här Nimitz, am Numm vun der UNO, e ganz grousst Engagement weist - leider nach net zu engem Resultat komm ass. An dat ass och eppes, wat net nëmmen an der NATO blockéiert, mä wat och vill an de Relatiounen blockéiert, déi mer als Europäesch Unioun mam Balkan hunn.

Vläicht e Wuert nach iwwer Albanien a Kroatien. Déi éischt Zesummenaarbecht mat Albanien geet zrëck op 1992. 1994 ass dat Land an den „Partenariat pour la Paix“ agetrueden, an 1999 an den „membership action plan“. Si waren also aacht Joer an deem „membership action plan“ dran. Bei Kroatien ass et ähnlech, si sinn awer eréischt 2000 an d'Partenariat erakomm, an an den „membership action plan“ zënter 2002.

An Albanien - et muss een et ëmmer erëm widerhuelen, a viru kuerzem konnt een dat jo an deem Land sur place gesinn - sinn immens vill Efforte gemaach gi fir politesch ze reforméieren, militäresch virun allem och ze kucken, dass een eng Demokratie gëtt, dat heescht, dass de Pouvoir politique eng Mainmise huet iwwert dat, wat beim Militär geschitt, dass do och den État de Droit carrément fonctionnéiert. Do si ganz vill Efforte gemaach ginn, an ech mengen och a Kroatien. Et geet nach net duer, well mer jo och wëssen, dass Kroatien mat enger grousser Plo konfrontéiert ass, wat d'Sécherheet ugeet. An ech mengen awer och do, dass dat Land um gudde Wee ass an dass dat heiten hinnen e Schub gëtt fir

an déi richteg Richtung ze goen. Albanien huet 140 Leit am Afghanistan, Kroatien huet 300 Zaldoten am Afganistan stationéiert.

Wann Dir erlaabt, Här President, wollt ech och ganz kuerz e Wuert iwwert d'NATO soen an déi aner Fro vun der Erweiderung, déi elo haut de Mëtteg hei net ugeschnidde ginn ass, mä där ech awer net wëll aus dem Wee goen, vläicht fir de Leit awer och ze soen, wéi komplizéiert de Wee ka si fir Member an der NATO ze ginn.

Fir d'éischt kënn een an eng éischt Etapp, dat ass den „Partenariat pour la Paix“. Do sinn all Länner vum Balkan elo dran, ausser dem Kosovo, ech mengen dat ass e spezielle Fall. Bosnien ass dran, Montenegro, déi fréier Republik Mazedonien, Jugoslawien, Serbien, d'Ukraine an och Georgien. Déi sinn alleguerten am „Partenariat pour la Paix“. An da kënn eng zweet Etapp, dat ass den „Plan d'action individuel“. Do ass och all Land vun deenen dran, ausser Serbien, déi nach net gefrot hu fir do dran ze sinn. Da kënn déi drëtt Etapp, dat ass den Dialogue intensifié. Wa Serbien dee géif froen, a si froen en de Moment net, da mengen ech géif d'NATO dat och positiv beäntweren.

Bosnien, Montenegro, Mazedonien, Ukraine, Georgien, déi sinn do dran, a mer hunn do d'ernieft jo nach, wéi der vläicht wësst, eng extra Kommissioun tëscht der NATO an der Ukraine. Mir hunn och elo zënter dem Summer, no deem Konflikt, eng Kommissioun agericht tëschent der NATO a Georgien, an do Pläng entwéckelt, an deene Kommissiounen, e ganz breede Spektrum, fir iwwert d'Sécuritéit an iwwert d'Standard vum dem État de Droit an esou weider ze schwätzen, a virun allem och d'Kontroll vum Parlament iwwert d'Arméi. An da kënn déi véiert Etapp, dat ass den „membership action plan“. Dat ass dann déi lescht Etapp virun der Membership. Do ass Mazedonien dran, an Dir wësst, dass Mazedonien, wéi ech gesot hunn, de Moment eben duerch dee Sträit mam Numm net ka Member ginn.

Wat elo de Sommet vu Bukarest ugeet, wësst Dir, dass zwee aner Länner am Gespräch waren, déi ganz staark gefrot hunn, a wou vun eisen amerikanesche Frënn deemools dat pousséiert ginn ass, fir den „membership action plan“ ze kréien, dat heescht d'Virstuf fir Member vun der NATO ze ginn. Mir haten an der Kommissioun laang Diskussiounen doriwwer, an ech war wierklech och ganz positiv agestallt, wéi ech gesinn hunn, dass alleguerten d'Fraktiounen an der Chamber eigentlech op der Linn vun der EU waren, déi gesot hunn, mir dārfen do näischt iwwerstierzen.

Et ass richteg, an den Här Angel huet dat gemaach, dass een den Traité vu Washington ëmmer erëm widerhëlt an dass ee seet, dass déi Länner, déi Stabilitéit an enger Regioun kënnen bréngen, och eng Plaz hunn an der NATO. Mä et muss een awer och wëssen, dass mer Erweiderunge maache fir méi Stabilitéit an enger Regioun ze kréien, an net manner Stabilitéit an eng Regioun eranzekréien. Wëschenswäert ass et also an deem Kontext och, wann ee méi Sécherheet a méi Stabilitéit wëllt hunn, an net manner, dass een och zum Beispill, wat Russland ugeet, wat e riseg grousst Land ass a wat immens vill zielt, mat deem mer jo och dëse Kontinent geographesch ze deelen hunn, deen Dialog och siche geet.

Sécherheet mateneen, an net Sécherheet géinteneen, muss jo och d'Hauptzil vun der NATO sinn, an och vun der Erweiderung vun der NATO, esou dass ech géif mengen, dass déi Conseilen, déi mer elo mat Georgien a mat der Ukraine hunn, largement duerginn, fir alleguerten déi grouss Kooperatiounen, déi mer mat deenen zwee Länner wëlle maachen, ze organiséieren.

Dann nach eng Äntwert op dat, wat den Här Goerens gesot huet. Fir d'alleréischte déi „missile defense“, ech mengen et ass net déi éischte Kéier, dass ech meng Meinung doriwwer soen, ech hu se och an der Kommissioun gesot. An der NATO ass zu Riga decidéiert ginn, dass d'NATO soll eng Etüd maachen, ob et wierklech néideg ass, dass een esou en „missile defense“-Schëld an Europa opbaut. Ier déi Etüd do ofgeschloss war, ier eng Konklusioun gezu war, ass jo eng Décisioun vun der amerikanescher Säit geholl ginn, fir bilateral mat zwee europäesche Länner ze verhandelen, mat Polen a mat der Tschechescher Republik, an Dir kennt d'Konsequenzen dovunner.

Et ass nach näischt geschitt, weder a Polen nach an der Tschechescher Republik hunn d'Parlamenten ratifizéiert, esou dass ech géif mengen - grad och elo mat deem neien amerikanesche President, a wa mer eng nei Relatioun opbaue wëllen, op jiddwer Fall als Europäer, an hëllefen, dass d'Amerikaner an

d'Russen eng normal Relatioun matenaner hunn -, dass een dee Punkt hei soll wierklech nach eng Kéier considérieren a kucken - wann een esou eppes muss maachen, muss dat festgestallt ginn -, ob een dat dann net kéint zesumme maachen an dass den NATO-Russland-Rot en ideaalt Instrument wier, fir doranner matzeschaffen.

Dat Zweet, dat ass, dass Russland, de President Medwedew, wéi Der wësst, eng Diskussioun provoziert huet, fir en neit Gerüst vu Sécherheet an Zesummenaarbecht an Europa ze diskutieren. Ech mengen d'Äntwert vun den Europäer ka jo nëmme sinn, dass mer müssen zu der EU stoen, zu der NATO stoen, zu alleguerten deenen Organisationsiounen déi et gëtt, wéi zum Beispill d'OSZE, an och de Conseil Européen, mä, dass ee sollt kucken, wann déi Offer gemaach gëtt, dass ee positiv un déi Diskussioun erugeet. Mir haten eng éischt Diskussioun als Ausseministeren um Niveau vun der OSZE, an dat ass eng Diskussioun gewiescht, déi héich interessant war.

Ech weess net, ob mer den 3. März, wa mer zu Bréssel sinn als Ausseministere vun der NATO, nach eng Kéier un déi Saach do eruginn a vläicht souguer kucke virum Sommet vun der NATO, dee jo elo am Fréijoer ass, den 2., 3. Abrëll zu Baden-Baden oder zu Kehl an zu Stroossbuerg, ob een dat nach eng Kéier do uschneit. Mä op jiddwer Fall solle mer déi Offer, déi gemaach ginn ass, als Europäesch Unioun net ofschloen, awer selbstverständlech ëmmer kucken, dass een dat am Kader vun deenen Organisationsiounen, wou mer Member sinn, mécht, a wéi een dat ka kombinieren.

Dann den drëtte Punkt, wou Der vun 2% vum PIB fir d'Militärausgabe vun engem Land geschwat hutt. Et gëtt natierlech Länner, och an Europa, déi, wat hir Sécherheet ugeet, méi investiere musse wéi zum Beispill Lëtzebuerg. Mä ech sinn och do mam Här Goerens komplett d'accord. Lëtzebuerg, wat jo immens grouss Efforten um Niveau vun der Kooperatioun mécht, steet et op jiddwer Fall besser zu Gesiicht, wa mer eis méi an der Kooperatioun implizieren, also am Humanitären, wéi an der Défense, wou mer awer trotzdem ëmmer nëmme kënnen versichen eis ganz punktuell eranzebréngen.

An dat maache mer jo och, op jiddwer Fall dës Regierung, an ech mengen och d'Regierung virdrun. All Lëtzebuerger Regierung wëll präsent sinn, wann d'Europäesch Unioun oder wann d'NATO wierklech ríft a versicht an engem Land, wou Krich war, ze stabiliséieren, oder an e Land ze goe fir e Krich ze verhënneren. Do musse mer matmaachen, musse mer déi logistesch Instrumenter duerfir hunn. Bon, ech sinn net Verdeedungsminister, mä ech sinn awer komplett op der Linn vun eiem Verdeedungsminister a vun der Lëtzebuerger Regierung insgesamt, déi hei mat vill Fanger-spëtzegefill kuckt, fir net mordicus op déi 2% do ze kommen.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président.** - Den Här Goerens huet eng Zousazfro.

»»» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, ech verstinn, dat den Ausseminister et net einfach huet. Dass do ass keen einfacht Thema. En huet och gesot, a senger Äntwert op meng Fro déi ech opgeworf hunn, datt bis elo nach näischt geschitt ass à propos vun der Stationéierung vun den Antimissile-Systemer. Si sti wuel nach net do, mä trotzdem ass eppes geschitt. Den Toun vu Moskau vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, vis-à-vis vun eenzelne Länner, ass méi haart ginn. Et ass menacéiert ginn, opgrond och vun där Verhäerdung vun de Positiounen, fir zu Kaliningrad ähnlech Systemer opzerichten, et ass e bëssen um Gaskrunn gedréint ginn.

Ech mengen, dat alles kéinte mer eis wierklech erspueren, wann d'Europäer, ënnert dem Impuls vun der Europäescher Unioun, et géife fäerdeg bréngen, datt mer emol géife wéi Erwuessener iwwert déi Sécherheitsproblemer schwätzen, déi sech um europäesche Kontinent stellen. Meeschtens ass iwwerhaapt keen Dialog méiglech, aus Allianzräson, oder wat och ëmmer.

Ech fannen, d'Europäesch Unioun misst kënnen e bëssen doriwwer erauswuessen. Ech soen dat och ëmsou méi, well mer ëmmer erëm gefrot ginn: Firwat sidd Dir dann do? Wa mer déi Froen, déi mat Sécherheet zesummenhänken, net à même sinn esou ze adressieren, wéi d'Leit sech dat bei einfache Raisonnementer, an ech menge se sinn net ganz falsch, virstellen.

»»» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Här President, also op deem Punkt hei zwou Saachen. Dat Eent ass, ech si komplett

d'accord mam Här Goerens, wann hie seet, d'Sécherheitspolitik ass oder muss wierklech een Domän vun der Europäescher Unioun sinn, wann et d'Länner alleguerte vun der Europäescher Unioun ugeet, a vun der NATO, wann et d'Länner alleguerte vun der NATO ugeet.

Et kann net sinn, dass ee grousst Land vun dëser Welt bilateral mat zwee Länner aus der Europäescher Unioun iwwer eppes debattéiert, wou gesot gëtt, dass d'Sécherheet vun der Europäescher Unioun concernéiert wier. Dat ass evident, an ech ginn net midd, fir dat ze soen, am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung, op jiddwer Fall a mengem Numm, well dat verstinn ech einfach net. Ech verstinn net, dass och vill Länner do net vläicht esou haart schwätzen, wéi een et eigentlech misst vun hinnen erwaarde kënnen.

Dat Zweet ass, Dir hutt Kaliningrad ugeschnidden. Do gëtt et zwar e Liichtbléck. D'Russen hu jo ugekënnegt, si géifen zu Kaliningrad déi Rakéiten net stationéieren. Ech weess vun Ausseministerkolleegen, déi elo an der leschter Woch bei der Madame Clinton waren, notamment deen engleschen Ausseminister, deen ech duerno begéint hat, dass si der Meinung sinn, och wann een den Discours vum Vizepräsident Biden zu München héieren huet, dass Amerika versicht dat Feindbild, wat jo krampfhaft opgebaut ginn ass, fir a Russland de Feind vun dëser Welt ze gesinn, wat Amerika ugeet, an dat ass jo manifestement net de Fall, dass d'Interesse vun den Amerikaner müssen op ganz anere Plaze konzentriert ginn, an och d'Interesse vun der Europäescher Unioun a vu Lëtzebuerg, an duerfir sinn ech der Meinung, dass een awer do soll e wéineg Zäit ginn.

Ech menge souguer, dass a Polen an an der Tschechescher Republik vläicht souguer erwaart gëtt, dass en aneren Tounfall ageschloe gëtt, a gekuckt gëtt, fir op eng aner Aart a Weis un déi Saachen do erunzegoen. Wann et wierklech néideg ass ee Rakéiten-ofwiersystem opzebauen, fir d'Sécherheet vun de Länner vun der NATO, vun der Europäescher Unioun an am Kontext eben, dass mer geographesch dëse Kontinent mat engem aneren ze deelen hunn, dee Russland heescht, da soll och gekuckt ginn, fir zesummen eppes fäerdeg ze bréngen, an net géintenaner. Well, wann dee Rakéitenofwiersystem als en Instrument fir ze spionéiere considéiert gëtt, wat a Russland geschitt, a vice versa datselwecht ugeholl gëtt, da gëtt et näischt. Da maache mer vill méi Onsécherheet wéi mer Sécherheet schafen.

Merci, Här President.

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Diskussioun vun deenen zwee Projeten ofgeschloss a mir kommen zum Vote. Mir stëmme fir d'éischt of iwwert de Projet de loi 5962 betreffend Kroatien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5962 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5962 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Kriepps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir stëmmen dann och direkt of iwwert de Projet de loi 5963 iwwert de Bäitritt vun Albanien.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 5963 et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5963 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. John Castegnaro), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Kriepps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Projet de loi 5961 iwwert den Accord tëscht Lëtzebuerg a Portugal betreffend den Échange an d'Protektioun vu klassifizierten Informatiounen. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Angel.



2. 5961 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République portugaise concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées, signé à Luxembourg, le 22 février 2008

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

»»» **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ka mech haut hei ganz kuerz faassen, well mer där Accorden hei scho viru kuerzem dräi haten, an zwar mat Frankräich, mat Däitschland a mat Lettland.

Et geet also ëm déi géigesäiteg Protektioun an de géigesäitegen Échange vu klassierten Informatiounen. Et geet am Fong dorëms, e rechtliche Kader ze schafen, an deem sech dësen Austausch an och de Schutz vun deenen Informatiounen a vun deem Material aschreift. Dëse Projet de loi muss een am Kontext vun engem Europa oder enger Welt gesinn, déi fir vill Leit ëmmer manner sécher ass oder sécher schéngt, a wou et duerfir wichteg ass, dass eng gewëssen Unzuel vun Informatiounen musse kënnen klasséiert oder klassifizéiert ginn.

Fréier gouf d'Notioun vun „Protection des informations classées“ éischer a Relatioun mat Krichssituatiounen oder Militäroperatiounen bruecht. Haut ass dat ganz anescht. Et geet haut ëm zwee Type vu Menacen. Déi Éischt si Menacen, wat d'Sécuritét ubelaangt, an do schreift sech den Terrorismus an, d'Prolifératioun vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an och déi organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, déi eise sougenannten europäeschen „Pa-

trimoine économique financier et scientifique“ ubelaangt, an do geet et konkret ëm „Espionnage industriel et technologique“. Dat ass och wichteg, well mer haut an engem Kontext sinn, wou mer vill europäesch Programmer vun haute technologie hunn, an an all deene Programme vun haute technologie gëtt et en Austausch vun Informatiounen. Dëse Projet de loi schreift sech am Fong och haaptsächlech an de Kader vun der Preventioun an.

Vläicht ass et an dësem Kontext och wichteg ze ernimmen, dass et eréischt säit dem Gesetz vum 15. Juni 2004 „relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité“ iwwerhaapt méiglech ass, dass mer déi Accorden hei kënnen maachen, well mer eis domadder hei zu Lëtzebuerg e Kader ginn hunn, fir eben déi Klassifikatioun vu sensiblen Informatiounen hei am Land ze organisieren an och d'Habilitéierung vun deene Leit, déi Zougang zu esou Informatiounen hunn, festzeschreiven.

Et geet also net nëmmen ëm d'Protection physique vun de klassierten Informatiounen, mä virun allem och u wien a wéi Informatiounen klassifizéiert ginn. Den Artikel 5 vun deem Gesetz schreift zum Beispill genee vir, ween den Attribut „très secret“ op eng Informatioun däerf setzen. Hei zu Lëtzebuerg ass dat d'ANS, d'Autorité Nationale de Sécurité, dat ass de Service de Renseignement de l'État. Dës Autoritéit ass also och zoustänneg fir, éischtens, d'Protection physique vun den Informatiounen, a besonnesch fir d'Transmissioun vun Informatiounen un auslännesch Autoritéiten. A genee all déi Detailler beinhalt deen Accord mat Portugal, dee mer haut hei unhuelen.

Wichteg ass och nach ze bemierken, dass et nach Piécen oder Informatiounen ginn, déi ënner spezifesch Protektiounsregimer falen. Dat ass de Fall, wa mer eis an engem multilaterale Kader befannen, zum Beispill d'NATO oder d'Europäesch Unioun.

Den Accord hei besteet aus 18 Artikelen. En ass genee esou opgebaut wéi déi Viregt. Den Artikel 3 huet eng ganz Rëtsch vun Definitionen. Wichteg ass och den Artikel 9, wou et ëm d'Traduktiounen, d'Reproduktioun an och d'Destruktioun vun deenen Informatiounen geet. Am Artikel 13 geet et zum Beispill ëm d'Visité vun den Autorités nationales de sécurité, wéi déi, ee mat deem aneren, kënnen op Besuch goen, fir ze kontrolléiere wéi d'AarbechtssofleeF do virginn.

De Statsrot erënnert drun, dass dës bilateral Accorden nëmme méiglech goufen duerch dat Gesetz vun 2004, wat ech virdrun ernimmt hunn. E mécht och keng besonnesch Bemierkungen. En erënnert eis just drun, vu dass deen Accord zu Lëtzebuerg ënnerschríwwe ginn ass, dass mir och dat Land sinn, wat zoustänneg ass, fir e beim Generalsekretariat vun den Nations Unies enregistreieren ze loossen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Ech géif am Numm vun alle Fraktiounen dem Rapporteur Merci soen an d'Diskussioun domadder fir ofgeschloss erklären. Wann d'Regierung nach eppes Wesentlechës bäizefügen huet, dann...

(Hilarité)

»»» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.** - Neen, Här President. Den éischte Rapport vum Här Angel war brillant, deen heite war nach méi brillant. D'Regierung ass komplett domadder d'accord.

»»» **M. le Président.** - War dat wesentlech? Gutt, Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Rapport, deen den honorabelen Här Angel ons elo gemaach huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir hunn Eestëmmegkeet mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.